CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 JUIL. 2017
3138

CSV
FRAKTIOUN

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Bilde vu Rettungsgaassen un den Här Minister fir Nohaltegkeet weiderzeginn.

An Däitschland ass eng Diskussioun iwwert d´Wichtegkeet vu Rettungsgaassen opkomm nodeems an engem Busaccident am Juni 2017 18 Mënsche gestuerwe sinn. D´Rettungsdéngschter si Berichter no gehënnert gi vir séier op d´Plaz vum Accident ze kommen. De Grond heivir soll déi schlecht Bildung vun enger Rettungsgaass gewiescht sinn. Di däitsch Autoritéiten denken elo doriwwer no hir Gesetzer ze verschäerfen an eventuell méi streng Sanktiounen an ze féiere bei da Ofwiesenheet vun enger Rettungsgaass.

An deem Kader, wollt ech dem Här Minister fir Nohaltegkeet dës Froe stellen:

- Ginn et genau Uweisunge vum Ministère wéini eng Rettungsgaass muss forméiert ginn? As dëst de Fall bei all Zort vu Stau oder nëmme wann Sireenen ze héiere sinn?
- Wei muss sou eng Rettungsgaass si fir dass eis Rettungsdéngschter séier op d´Plaz kommen?
- Gesinn eis national Gesetzer Sanktioune vir bei enger net Anhalung vun de Rettungsgaassen? Wa jo , wéi eng?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Françoise Hetto**
**Députéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le 28 JUIL. 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 JUIL. 2017

**Monsieur Fernand Etgen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3138 du 17 juillet 2017 de l'honorable députée Madame Françoise Hetto-Gaasch, concernant les « Rettungsgaassen », tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre du Développement durable**
**et des Infrastructures**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Réponse de Monsieur François BAUSCH, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, à la question parlementaire N°3138 du 17 juillet 2017 de Madame la Députée Françoise HETTO-GAASCH**

Iwwert de Wee vun enger parlamentarescher Fro stellt déi honoréiert Deputéiert sech Froen iwwert d'Rettungsgaassen.
D'Obligatioun fir Rettungsgaassen ze bilde gëtt am Artikel 156 vum Code de la Route beschriwwen. Esou kann een ënnert dem Punkt 8 vun deem Artikel folgendes liesen:

„Lorsque la dégradation de la fluidité de la circulation entrave le libre passage des véhicules en service urgent [...], les conducteurs qui circulent sur une autoroute comptant deux voies de circulation, doivent ménager un couloir médian et [...] se ranger et au besoin s'arrêter à l'approche d'un de ces véhicules. Les conducteurs qui empruntent la voie de gauche doivent serrer le plus près possible le bord gauche de celle-ci et les conducteurs qui empruntent la voie de droite doivent serrer le plus près possible le bord droit de celle-ci.

Dans les mêmes conditions, les conducteurs qui circulent sur une autoroute comptant trois voies de circulation doivent ménager, dans le sens de la circulation, un couloir situé à cheval sur la voie de gauche et la voie médiane.
Les conducteurs qui empruntent la voie de gauche doivent serrer le plus près possible le bord gauche de celle-ci et les conducteurs qui empruntent la voie médiane doivent serrer le plus près possible le bord droit de celle-ci.

Dans ces cas, la circulation et l'arrêt sur la bande d'arrêt d'urgence et les places d'arrêt d'urgence sont autorisés."

Am Detail gëtt also präziséiert dass d'Chaufferen, déi op enger méispureger Strooss fueren, eng Rettungsgaass bilde mussen, an zwar am Fall wou de fléissende Verkéier op den Autobunnen zum Stocke kënnt an doduerch d'Rettungsgefierer mat Sireen a bloe Luuchte riskéieren, net duerch de Verkéier ze kommen. D'Chaufferen op der lénker Spuer mussen esou no wéi méiglech un de lénke Bord vun der Strooss fueren an all déi aner sou no wéi méiglech un de rietse Bord, sou dass e Couloir entsteet.

D'Sanktioune bei engem Verstouss géint dës Bestëmmunge sinn eng Geldstrof vun 145 Euro an de Verloscht vun 2 Punkte vum Führerschäin.

Et bleift nach ze bemierken dass am Januar 2015, op Initiativ vum Minister Dan Kersch a mir selwer, d'Campagne « Rettungsgasse – couloir de secours » presentéiert gouf, déi déi éischte Kéier am Joer 2015 an déi zweete Kéier am Joer 2016, all Kéiers während 3 Méint um Stéck op 45 Verkéierspanneauen houng.

Am selwechte Kader gouf agefouert, dass eis Rettungsdéngschter mat de Visuellë vun der Campagne op hirer hënneschter Fënster fueren an dass den ACL Trafic Info kee Stau um Radio ernimmt ouni op d'Rettungsgaass hinzeweisen. Op den interaktive Sittë www.couloirdesecours.lu a www.rettungsgasse.lu kann ee sech och elo nach iwwert d'Rettungsgaass informéieren.